ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'WHO huet, den 20. Januar an enger offizieller Kommunikatioun, hir Direktive fir d'Interpretatioun vun de PCR-Tester aktualiséiert. Des Direktiven si fir Dokteren, Klinicken a spezialiséiert medezinescht Personal geduecht, deemno fir alleguerten déi Leit déi PCR-Tester duerchféieren an auswäerten. An dësen neie Richtlinnen heescht et datt de sougenannte Schwellewäert, bei deem en Testresultat als positiv agestuuft gëtt, manuell unzepasse sinn. Resultater déi esou just am positive Beräich sinn, musse ganz virsiichteg interpretéiert ginn, esou d'WHO. Am Fall wou d'Testresultat net mam gesondheetlechen Zoustand vun der getester Persoun iwwereneestëmmt, muss e neien Test duerchgefouert ginn. (z.B. am Fall wou eng Persoun positiv getest gëtt, ma gesond a monter ass, also keng Symptomer huet.)

Dann huet d'WHO drun erënnert datt d'Heefegkeet vun enger Krankheet en Afloss op d'Testresultater huet. Sou bal d'Kränkt manner heefeg ass, klëmmt de Risiko vu falsch positiven Testresultater. Dat heescht dass d'Warscheinlechkeet, datt eng positiv geteste Persoun tatsächlech mam SARS-CoV2 infizéiert ass erofgeet, jee méi seelen d'Krankheet ass.

D'PCR-Tester sinn, der WHO no, also nëmmen en Hëllefsmëttel an der Diagnostik vum Corona-Virus.

Dofir wéilt ech der Madamm Gesondheetsministesch folgend Fro stellen:

_Berücksichtegt d'Lëtzebuerger Regierung déi nei Direktive vun der WHO betreffend d'PCR-Tester an, wa jo, a wéi enger Form?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742